fnel scouts & guides

DIPPECHER DACHSEN
SCOUTEN A GUIDEN
AUS DER GEMENG DIPPECH

# DixDixDax









**DixDixDax 110**
**November 2016**

Adresse postale:
Dippecher Dachsen a.s.b.l.
R.C.S Luxembourg F8892

www.dachsen.lu
info@dachsen.lu

Siège: Scoutshome J. Norbert Arend
19, rue des Ecoles
L-4994 Schouweiler

Redaktioun:
Soraia De Oliveira Passagem (Bv)
Nadine Marson (Lx)
Caroline Deprez (Sg)
Claude Marson (RovEx)

Layout: Yves Monville/Gilles Mausen
Korrektur: Claude Marson
Redaktioun: Lynn Graf

GRUPP

# ACCÈS SCOUTSHOME

Léif Elteren,

Wéinst dem groussen Undrang vun Autoe virun an no de Versammlungen um Site vum Scoutshome géinge mir Iech bieden, wei um Plang de roude Feiler no ze fueren: rue des Écoles laanscht d'Kierch d'Strooss eropzefueren, lénks erop bei d'Schoul fueren an dann erëm laanscht den Scoutshome bei d'Apdikt erof fueren.

Merci fir Äert Versteesdemech.

Chers parents,

En raison du nombre élevé de voitures empruntant la rue des Écoles pour se rendre au Scoutshome avant ou après les réunions, il est vivement recommandé aux parents de circuler sur la rue dans le sens indiqué sur le plan reproduit ci-dessus (suivre les flèches rouges) en y accédant par la rue de l'Église, monter vers la gauche le long de l'école fondamentale et de redescendre le long du Scoutshome vers la pharmacie.

Merci pour votre compréhension.

[Link to large map]



GRUPP

# ASSEMBLEES GENERALES

Chers membres,
Chers parents,
Chers amis scouts,

Par la présente nous t'invitons cordialement à assister aux assemblées générales de l'association Dippecher Dachsen a.s.b.l. et de l'association Amicale Dippecher Dachsen a.s.b.l. qui se tiendront successivement le

**Vendredi, 11 novembre 2016 à 19.30 heures**
au Scoutshome J. Norbert Arend
19, rue des Écoles à Schouweiler
pour discuter et voter sur les points suivants de l'Ordre du jour :

**Amicale Dippecher Dachsen a.s.b.l.**

1. Allocution de bienvenue du président
2. Rapport du secrétaire
3. Compte rendu de la situation financière
4. Rapport des réviseurs de caisse
5. Approbation des comptes de l'exercice 2015-2016
6. Décharge du comité et des réviseurs de caisse
7. Élection des nouveaux réviseurs de caisse
8. Élection des membres du comité
9. Divers

Les actes de candidature pour le comité de l'Amicale sont à faire jusqu'au **lundi, 7 novembre 2016** par e-mail à amicale@dachsen.lu

**Dippecher Dachsen a.s.b.l.**

1. Allocution de bienvenue du président
2. Rapport du secrétaire
3. Compte rendu des activités de l'exercice 2015-2016 par le chef de groupe
4. Compte rendu de la situation financière
5. Rapport des réviseurs de caisse
6. Approbation des comptes de l'exercice 2015-2016
7. Décharge du comité et des réviseurs de caisse
8. Élection de 2 réviseurs de caisse
9. Fixation de la cotisation annuelle
10. Élection des membres du comité
11. Divers

Les actes de candidature pour le comité des Dippecher Dachsen sont à faire **jusqu'au lundi, 7 novembre 2016** par mail à info@dachsen.lu ou par courrier postal.

Meilleures salutations scoutes,

pour le comité,
Marcel SEYLER
président Amicale Dippecher Dachsen a.s.b.l.

pour le comité,
Bob GRUN
président Dippecher Dachsen a.s.b.l.

Comme le veut la tradition, nos assemblées générales annuelles seront suivies d'un verre de l'amitié.

GRUPP

# ELTEREVERSAMMLUNG - REUNION DES PARENTS

<u>Eltereversammlung</u>

**11. November 2016, no der Assemblée générale**

Léif Elteren,

Fir Iech zum Ufank vum Scoutsjoer eise Scoutsgrupp méi no ze bréngen, invitéiere mir Iech no eiser Assemblée générale op eis Eltereversammlung am Scoutshome.

Hei wäerte mir Iech déi wichtegst Informatiounen zum Oflaf vun den Aktivitéiten, dem DixDixDax an den Umeldungen, dem Scoutsmaterial, asw.… mat op de Wee ginn. An dëser Versammlung wäerte mir Iech och d'Cheffenekipp an déi aner Responsabel vum Grupp virstellen.

Dës Versammlung bitt Iech och d'Geleeënheet är Froen zu den Aktivitéiten, dem Joresprogramm an dem Scoutismus am grousse Ganzen ze stellen an Iech mat de Cheffen auszetauschen.

Well hei och eng Rei wichteg Informatiounen zum Scoutsjoer matgedeelt gi wäerten, ziele mir op Är Präsenz.

Wéi et bei eis Brauch ass, invitéiere mir Iech no der Assemblée générale an der Eltereversammlung op e Fréndschaftspatt.

<u>Réunion de parents</u>

**11 novembre 2016, après l'Assemblée générale**

Chers parents,

Afin de vous faire découvrir notre groupe au début de l'année scoute, nous vous invitons à notre réunion de parents qui aura lieu après l'assemblée générale au chalet scout.

A l'occasion de cette réunion, nous allons vous donner toutes les informations importantes sur le déroulement de nos activités, notre périodique DixDixDax et les inscriptions à nos activités, le matériel scout etc… Nous présenterons aussi l'équipe des chefs et les autres personnes impliquées dans le fonctionnement du groupe.

Cette réunion vous offre notamment la possibilité de poser aux chefs vos questions relatives aux activités, au programme de l'année et au scoutisme en général et d'échanger vos idées avec l'équipe des chefs et les responsables du groupe.

Votre présence à cette réunion est indispensable comme des informations importantes concernant l'année scoute y seront communiquées.

Comme le veut la tradition, nos assemblées générales et notre réunion de parents seront suivies d'un verre de l'amitié.

Meilleures salutations scoutes,

Pour le conseil des gradés,
Lynn GRAF, chef de groupe
Chris BACKES, chef de groupe adjoint

GRUPP

# CHRESCHTMAART

Och dëst Joer organiséieren d’Veräiner aus der Gemeng zesumme mat der Kulturkommissioun den traditionelle Chrëschtmaart vun Dippech, den 3. an 4. Dezember 2016 um Parking vun der Gemeng zu Dippech. Hei kënnen d’Awunner vun der Gemeng a enger flotter Adventsambiance zesummekommen an un engem vun de ville Stänn e gudde Maufel iessen (fir jiddereen ass bestëmmt eppes dobäi!) oder schonn déi éischt Chrëschtdagscadeaue kafen.
D’Dippecher Dachsen wäerten Iech déi zwee Deeg vu 14 Auer un bis spéit an d’Nuecht eran op hirem Stand begréissen!
Fir de musikaleschen Encadrement suergen eng Rei Gruppen aus der Käerjenger Museksschoul:

**Samschdes**
16.30 – 17.30 : Kannerchouer
18.00 – 19.00 : Rock Combo

**Sonndes**
15.00 – 16.00 : Youth Choir
16.30 – 17.30 : Blechbléiserensembel





## GRUPP

**WAT**
Kleeschen

**WEINI**
3. Dezember 2016

**RENDEZ-VOUS**
um 14h30 virum Gemengenhaus zu Schuller

**RETOUR**
um 16h30 beim Stand vun den Dachsen um Chrëschtmaart

# KLEESCHEN



BEAVER

## WAT
Beavercamp

## RENDEZ-VOUS
De 5. Januar 2017 um 10:00 Auer

## RETOUR
De 7. Januar 2017 um 17:10 Auer
à Dippach gare


## WEI VILL KASCHT ET?
35€. Déi Zomm muss bis den 20. Dezember op dësem Konto iwwerwise ginn: CCPL LU62 1111 0402 6106 0000 (Wann ee Ritter sech ofmellt, gëtt e leider net remboursèiert!)

## WOU?
Home vun de Lions Bleus, 61 rue de Pulvermühl, L-2356 Luxembourg

# BEAVERCAMP

Hallo Ritter,

Ech sinn de Kinnek Arthur an ech mierken, dass ech gläich en neie Kinnek oder Kinnigin brauch, dee mech ersetze kann. Dofir versammele sech all Ritter op engem Ritterfest bei mir am Schlass. Jidderee soll seng Talenter beweisen an deen, deen déi meeschte Kraaft huet an déi meeschte Ritterdueller gewonnen huet, gëtt Kinnek vum Land! Dobäi kritt e souguer nach eng cool Iwwerraschung! Et ass mir zu Ouere komm, dass DU ee vun deene stäerkste Rittere vum Land wiers! Beweis dass DU dat bass a stell dech ënner Beweis! Ech brauch en zouverlässegen Nofolger also hëllef mir an komm mat!





**Material:** Foulard, Bidon, Gamelle, Schlofsak, Këssen, Kleeder fir an de Bësch + dem Wieder ugepasste Kleeder, Schwammsaachen, Schongkëscht,Biergschong, Wäschsaachen, Pyjama, Täscheluucht

**Inscription:** Pour participer, il faut non seulement s'inscrire par email à l'adresse beaver@dachsen.lu avec mention "Beavercamp+nom+prénom" avant le 20 décembre 2016, mais il faut de plus encore apporter la souche au rendez-vous.



# SOUCHE BEAVERCAMP

## WAT
Beavercamp

## RENDEZ-VOUS
De 5. Januar 2017 um 10:00 Auer op der Dippecher Gare

## RETOUR
De 7. Januar 2017 um 17:10 Auer op der Dippecher Gare

## WEI VILL KASCHT ET?
35€. Déi Zomm muss bis den 20. Dezember op dësem Konto iwwerwise ginn: CCPL LU62 1111 0402 6106 0000 (Wann ee Ritter sech ofmellt, gëtt e leider net rembourséiert!)

## WOU?
Home vun de Lions Bleus,
61 rue de Pulvermühl,
L-2356 Luxembourg

(inscriptions ouvertes jusqu'au 20 décembre 2016)

Je soussigné(e)

permets à mon/mes enfant(s)

de participer au Weekend "Rittercamp" du 5 au 7 janvier 2017 à Luxembourg.

J'ai viré la somme de € au compte CCP LU62 1111 0402 6106 0000 des Dippecher Dachsen avec la mention : « Beavercamp + nom + prénom de l'enfant ».

Remarques :

Date :


Signature :


WËLLEF

# CAMP WELTREES

Salut Wellef,
Knapps huet d'Joer ugefaangen, scho gi mir op eng super spannend Rees!
Et ass keng normal Rees, mee eng Weltrees!
Fir dësen Aventure brauche mir DECH: ee motivéierten a gutt preparéierte Wëllefchen. Also maach dech prett mat Sack und Pack an free dech op eng super Rees ronderëm d'Welt.
Mell dech séier un, fir des eemoleg Chance net ze verpassen!

Inscription: jusqu'au 17 décembre 2016 au plus tard
• Soit en renvoyant la souche ci-dessous
• Soit en envoyant un e-mail à l'adresse wellef@dachsen.lu ( n'oubliez pas d'apporter la souche au rendez-vous !)







## WAT
Camp Weltrees

## RENDEZ-VOUS
Jeudi, le 5 janvier 2017 à14h00 au Chalet (Kuelbecherhaff)

## RETOUR
Samedi, le 7 janvier 2017 à16h00 au Chalet (Kuelbecherhaff)

## ADRESSE DU CHALET
Rue de Mersch
7000 Hollenfels (=> voir carte!)

## PRÄIS
30€, à virer sur le compte des Dippecher Dachsen
CCPL LU62 1111 0402 6106 0000
avec la mention " Weltrees Wëllef + nom et prénom de l'enfant "



# SOUCHE
# CAMP WELTREES

**Quoi**
Camp Weltrees Wëllef

**Rendez-vous**
Jeudi, le 5 janvier 2017 à 14h00
au Chalet Kuelbecherhaff

**Retour**
Samedi, le 7 janvier 2017 à 16h00
au Chalet Kuelbecherhaff

**Inscription**
Inscription: jusqu'au 17 décembre 2016 au plus tard
- Soit en renvoyant cette souche
- Soit en envoyant un e-mail à l'adresse wellef@dachsen.lu

( n'oubliez pas d'apporter la souche au rendez-vous !)

(inscriptions ouvertes jusqu'au 17 décembre 2016)

Je soussigné(e)

permets à mon/mes enfant(s)

de participer au Weekend " Weltrees Wëllef " du 5 au 7 janvier 2017 à Kuelbecherhaff.

J'ai viré  la somme de      € par enfant au compte
CCP LU62 1111 0402 6106 0000 des Dippecher Dachsen avec la mention :
« Weltrees Wëllef, nom de l'enfant »

Remarques :

Date :

Signature : ________________________________________

WËLLEF

## WAAT
Versammlung an Bësch

## RENDEZ-VOUS
17.12.2016 um 14 Auer am Agang vum Schéiferwee (entre Rue de Bascharage et Rue Centrale.

(Voir Carte)

## RETOUR
selwechten Daag op der selwechter Plaatz um 16 Auer

# NATURVERSAMMLUNG

Salut Wëllefcher,

dës Versammlung verbrénge mir zesummen am Schuller Bësch, wou mir vill flott Spiller an Aktivitéiten an der Natur maachen. Ganz no dem Scoutsmotto "Learning by doing"/"Léieren duerch Probéieren" wäerte mir vill Neies iwwert Natur, Déieren an Ëmwelt kënne léieren.

Duerfir verpasst op kee Fall ons Naturversammlung!




**Material:**

Déck Schung/Stiwwelen, Mutz, Händschen, Bidon Waasser, Kleeder déi kënnen dreckeg ginn, Reenjackett, klenge Rucksak, dem Wëllefchen seng 5 Saachen an alles waat ee fir 2 Stonnen Dobausse brauch.

**(voir Info. Dokument zu den "INFO Naturversammlungen 16/17")**

WËLLEF

# INFO NATURVERSAMMLUNG

REMINDER

Léif Elteren,

dëst Scoutsjoer 2016/2017 wäerte mir a reegelméissegen Ofstänn Versammlungen am Schuller Bësch hunn.
Heibäi ass ze erwähnen, datt mir 2 Stonne bei alle Wiederverhältnisser, sief et Schnéi, Reen oder Sonn, dobaussen am Bësch sinn.
Fir datt et äre Kanner net ze kal gëtt, oder hir Féiss an de Kapp net naass ginn, sidd dir w.e.g. gebieden, dem Wieder ugepasste Kleedung matzeginn.

Recommandéiert Material:

Hierscht/Wanter: déck Schong a Strëmp, laang Box, Pullover an déck Jackett, Händschen, Mutz, bei Bedarf nach eng Reenjackett.
Klenge Rucksak mat engem gefëllte Bidon an dem Wëllefchen senge 5 Saachen.

Summer: déck Schong, dem Wieder ugepasste Kleeder, Kap. Bei Bedarf eng Reenjackett.
Klenge Rucksak mat engem gefëllte Bidon, Sonnecrème an dem Wëllefchen senge 5 Saachen.

*Net erwënscht*: Séissegkeeten, Spillsaachen, elektronesch Apparater, Täschemesser.
Mir erlaben ons, dëst Material fir d'Dauer vun der Versammlung ze konfiskéieren.

WËLLEF

# KACHSORTIE

Reminder:

Dir kënnt iech nach all fir onse super 3-Gänge-Menü umellen.
Mat de Wëllef als ons fläissegen a motivéierten Hänn, wäerte mir zesumme kachen, fir datt mir och eppes Guddes an de Mond kréien.
Vergiess net, dech an deng Famill fir dësen Dîner unzemellen!



**Rendez-Vous fir d’Wëllefcher**: Samschdes, den 19. November 2016 um 13 Auer am Home vun den Dachsen.

**Rendez-Vous fir d’Famil**l: Samschdes, den 19. November 2016 um 19 Auer am Home.

**Schluss**: De selwechten Owend géint 21 Auer.

**Präis**: Fir e Wëllefchen — 8€
Fir en Awuessenen (18+) — 11€

**Inscriptioun:** Allerspéitstens bis den 11. November 2016 per Email op wellef@dachsen.lu .
D’Ausfëlle vun der Souche ass obligatoresch a soll op de Rendez-Vous matrbuecht ginn.

**Remarque**: Als Famill versti mir ausschliisslech d’Elteren a Geschwëster vum Wëllefchen!!!

Lénks Patt,
Déng Cheffen!



# SOUCHE

# KACHSORTIE WËLLEF

**Rendez-Vous fir d'Wëllefcher**: Samschdes, den 19. November 2016 um 13 Auer am Home vun den Dachsen.

**Rendez-Vous fir d'Famil**l: Samschdes, den 19. November 2016 um 19 Auer am Home.

**Schluss**: De selwechten Owend géint 21 Auer.

**Präis**:
Fir e Wëllefchen — 8€
Fir en Erwuessenen (18+) — 11€

**Inscriptioun:** Allerspéitstens bis den 11. November 2016 per Email op wellef@dachsen.lu .
D'Ausfëlle vun der Souche ass obligatoresch a soll op de Rendez-vous matrbruecht ginn.

Je soussigné(e)

permets à mon/mes enfant(s)

de participer à la Sortie "Kachsortie" le 19 novembre 2016.

Je règlerai les frais de participation (8€/louveteau et 11€/adulte) sur le lieu de rendez-vous.
Nous participerons à ……… adultes et ……… enfants au repas.

Remarques :

Date :

Signature :
_______________________________________________

# KACHSORTIE

Wéi sou munch ee weess, treffe mir eis ee mol all puer Joer fir eist Knuppendulli-lessen zesummen ze kachen an duerno gemitterlech z'iessen. Nu ass et awer emol esou, dass mir zu Ouere komm ass, dass di béis Kniddelmonster vu Bëschhannerknuppescht bis op Schuller virgedronge sinn an all eis Zutaten geklaut hunn. Mir als Banausen hu keng Ahnung wéi een deenen hannendru kënnt, mir brauchen dofir lech dir léif Scouten, well dir sidd mat Kompass a Kaart bewandert a wësst lech dobaussen an der Natur ze hëllefen, fir dass eist Knuppendulli-Fest gerett ka ginn. Als Belounung dofir loosse mer lech un dëser Traditioun deelhuelen... vergiess just net däin lessgeschir an deng Gamelle!

Mell dech séier bei dengem Chef oder per Mail op trupp@dachsen.lu bis spéitstens den 12/11/2016 un.

SCOUTS & GUIDES

## TRUPP

**WAT**
Kachsortie

**WEINI**
19. November 2016

**RENDEZ-VOUS**
um 13h00 beim Scoutshome

**RETOUR**
um 19h30 beim Scoutshome

**PRÄIS**
10€, op der Plaz ze bezuelen



# SOUCHE KACHSORTIE TRUPP

## QUOI
Kachsortie

## QUAND
19 november 2016

## RENDEZ-VOUS
à 13h00 au Scoutshome

## RETOUR
à 19h30 au Scoutshome

## PRIX
10€, à payer sur place

Je soussigné(e)

permets à mon/mes enfant(s)

de la Troupe

de participer à la Kachsortie le 19 novembre 2016.

Je vais payer les frais de participation de 10€ par enfant sur place.

Remarques :

Date :

Signature : ______________________________

TRUPP&ROVEX

## WAT
Camp

## RENDEZ-VOUS
Den 10. Dezember 2016 um 09:00 zu Mamer beim Kinneksbond.

## RETOUR
Den 11. Dezember um 15:00 beim Home vu de Mamer Wiselen.

## PRÄIS
Vir déi déi um Camp dobäi waren ass de Weekend **GRATIS.** Vir all déi Aaner déi wëlle matgoen, kascht de Weekend 20 Euro

# BACK2BATAVIA




Bal en halleft Joer ass et hier dass mir opgebrach sinn an déi nei Welt. Mir hu vill geschafft, vill gesinn, vill gelaacht, vill gekrasch. An elo ass et esou wäit dass mir eis erëmgesi fir den **BACK2BATAVIA**.

Ween ka matgoe? Natierlech jiddereen, deen och um Batavia dobäi war huet Prioritéit op dëse Weekend. All Aneren deen net dobäi war an awer matgoe wëll, kann natierlech och matgoen!

**Depart**: Den 10. Dezember 2016 um 09:00 zu Mamer beim Kinneksbond.
**Retour**: Den 11. Dezember um 15:00 beim Home vu de Mamer Wiselen.

Präis: Vir déi, déi um Camp dobäi waren, ass de Weekend GRATIS!
Vir all déi Aner, déi wëlle matgoen, kascht de Weekend 20 Euro. Dës sinn z'iwwerweisen op de Kont LU62 1111 0402 6106 0000 vun den Dippecher Dachsen.

Dofir mell dech séier per Mail op trupp@dachsen.lu an/oder per Souche bis spéitstens de 15. November 2016 un.

**Wat brauchs du alles?** Klenge Rucksak mat denge Schwammsaachen, eppes ze drénken, eppes ze knabberen, Biergschong, dem Wieder ugepasste Kleeder, grousse Rucksak mat Carry-Mat, Schlofsak, Ersatzkleeder, Täscheluucht, Schlappen, Gamelle, Kichenduch, an alles wat's de perséinlech nach esou brauchs.



# SOUCHE

# BACK2BATAViA

(inscriptions ouvertes jusqu'au 15 novembre 2016)

Je soussigné(e)

permets à mon/mes enfant(s)

de participer au Weekend " Back2Batavia " du 10 au 11 décembre 2016 à Mamer

☐ Mon/mes enfant(s) a/ont participé au Camp "Batavia".

☐ Mon/mes enfant(s) n'a/n'ont pas participé au Camp "Batavia".

J'ai viré la somme de 20 € par enfant au compte CCP LU62 1111 0402 6106 0000 des Dippecher Dachsen avec la mention : « Back2Batavia, nom de l'enfant »

Date :

Signature :

______________________________

## QUOi

Camp

## RENDEZ-VOUS

Den 10. Dezember 2016 um 09:00 zu Mamer beim Kinneksbond.

## RETOUR

Den 11. Dezember um 15:00 beim Home vu de Mamer Wiselen.

## iNSCRiPTiON

Vir déi déi um Camp dobäi waren ass de Weekend **GRATIS.** Vir all déi Aaner déi wëlle matgoen, kascht de Weekend 20 Euro

ROVEX

#### RENDEZ-VOUS:

3. Januar 2017 um 19:00 Auer um Kuelbecherhaff. D'Adress fannt dir am Kalenner op www.dachsen.lu

#### RETOUR:

de selwechten Dag am spéiden Owend op der selwechter Plaz.

#### UMELDUNG:

ganz geschwënn, online

# CHEFFENIESSEN

Léif Cheffen,
Léif Explorer, Rover a Senior Scouts,

Dir sidd all häerzlech invitéiert op eist dësjäregt Cheffeniessen owes den 3. Januar 2017 um Kuelbecherhaff.

Um Menü vun dësem Festiesse steet Kéisraclette mat allem Drum und Dran.

Lénks Patt,
Är Gruppecheffen



ROVEX

**WAT**
Top Secret

**WEINI**
2. Januar 2017

**RENDEZ-VOUS**
um 10h00 beim Scoutshome

**RETOUR**
4. Januar 2017 um 16h00 beim Scoutshome

**INKLUSIV**
**CHEFFENIESSEN**

**PRÄIS**
45€

**UMELDUNG**
rovex@dachsen.lu
bis den 27. Dezember 2016

## KANDIDAT 578-3B

DIR SIDD LAUT EISEN INFORMATIOUNEN EE POTENZIELLE KANDIDAT FIR UM PROJECT X DEELZEHUELEN.
DIR GITT OPGEFUERDERT IECH, MAM NÉIDEGSTEN EQUIPÉIERT, DEN 02.01.2017 OP D'PLATZ 5.96141 E 49.58517 N ZE BEGINN. D'KONSEQUENZE VUN ENGER VERWEIGERUNG GINN NET ERLÄUTERT MEE KËNNE SCHWÉIER AUSFALEN. VIR DASS EIS GEHEIM KONTEN NET OPGEDECKT KENNE GI MUSS DIR AN ENGER ÉISCHTER PHASE 45€ UN DEEN IECH BEKANNTE KONTO VUN DEN DIPPECHER DACHSEN IWWERWEISE VIR ÄR VERFLEEGUNG WÄHREND DEM PROJECT X SÉCHER ZE STELLEN. WANN DE PROJET EEN ERFOLLEG GËTT KËNNT DIR ÄR FAMILL DEN 04.01.2017 OP DER NÄMMLECHTER PLATZ ERËM.
BE PREPARED!

NEOKONTROLLABTEILUNG
FIR GRENZEN A BIERGERRECHTER
NKGB



# SOUCHE
# KANDiDAT 578-3B

### WAT
Top Secret

### WEiNi
2. Januar 2017

### RENDEZ-VOUS
um 10h00 beim Scoutshome

### RETOUR
4. Januar 2017 um 16h00 beim Scoutshome

### iNKLUSiV CHEFFENiESSEN PRÄiS
45€

### UMELDUNG
rovex@dachsen.lu
bis den 27. Dezember 2016

Je soussigné(e)

- [ ] participe
- [ ] permets à mon/mes enfant(s)

de participer du 2 au 4 janvier 2017 au RovEx-Weekend au Kuelbecherhaff.

J'ai viré la somme de            € sur le compte CCPL LU62 1111 0402 6106 0000 des Dippecher Dachsen avec la mention “Kandidat 578 + nom du participant”.

Remarques :

Date :

Signature : ______________________________